AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu

RCS Luxembourg : F4668

D'Amicale vum Escher Kolléisch aus dem LGE invitéiert lech häerzlech, op hir fënneft Aktivitéit am Joer 2022, déi den **Donneschden, 8ten Dezember, um 19:30 Auer am CDI (Bibliothéik) vum Escher Jongelycée** stattfënnt:

Konferenz iwwert de Klimawandel an säin Impakt op Lëtzebuerg vum Dr. Andrew Ferrone

Chef du Service de la météorologie de l'Administration of Technical Agricultural Services

Den Andrew Ferrone, Member vun der AVEK, ass den Chef vum meteorologeschen Déngscht vun der Verwaltung fir technesch Servicer vun der Landwirtschaft (ASTA). Hien ass och President vum Observatoire vun der Klimapolitik, representéiert Lëtzebuerg am Kader vum Weltklimarot (IPCC) an der Weltmeteoorganisatioun (WMO) an hien leet d'EU-Verhandlungsteam fir wëssenschaftlech Froen bei der Klimakonventioun (UNFCCC). ASTA steet fir Administration des services techniques de l'agriculture, IPCC steet fir Intergovernmental Panel on Climate Change, WMO fir World Meteorological Organization an UNFCCC fir United Nations Framework Convention on Climate Change.

Duerch d'Heefung vun den Extremsituatiounen an de leschte Jore kann d'Ausmooss an d'Verflechtung vun den Auswierkunge vum Klimawandel op Eenzelpersounen och net méi laang zu Lëtzebuerg ignoréiert ginn.

Eisen Conferencier ass en ausgewisene Spezialist iwwert Klima an de Klimawandel a wäert eis och iwwert den Impakt vum Klimawandel schwätzen. Dir kënnt um Schluss vun der Konferenz Froen iwwert dat héich aktuellt Thema stellen.

Aus organisatoresche Grënn biede mir lech, lech unzemelle per Mail op avek@avek.lu oder per Telefon am Sekretariat vum Escher Jongelycée op de 55 62 85-212 an eis matzedeelen zu wéivill der kommt. De Parking vum Escher Jongelycée am Gruef *(„rue du Fossé“)* ass fir eis Memberen accessibel.

De Kommitee erënnert lech un säin **Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**, mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommitee seet lech Merci fir Är generéis Donen, déi Dir op de Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnt:

BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000